

Journée de la commémoration nationale

7. Oktober 2018
am Lycée Classique vun Dikrech

Méi wéi 70 Joer ouni Krich an Europa, dat sinn zwou Generatiounen deenen déi schlëmmsten Erfarungen, déi mir als Mënsche maache kënnen, erspuert bliwwe sinn. An dach sinn esou laang Friddensperioden déi grouss Ausnam an der Geschicht vun eisem Kontinent. Duerfir ass et wichteg, datt mir eis als Natioun un déi schwéier Momenter vun eiser Geschicht erënneren. Et léit mir besonnesch um Häerz déi Flam vun der Erënnerung un déi Jonk aus eisem Land wieder ze ginn. Si droen, zesumme mat eis alleguer, d'Verantwortung dofir datt déi däischter Kapitelen aus der europäescher Geschicht sech net widderhuelen. Erënnerung heescht och ëmmer Warnung virun den Dämonen aus der Vergaangenheet an Erënnerung gëtt eis d'Chance aus eiser Geschicht ze léieren.

Duerfir däerfe mir och déi schwéiersten Zäit an eiser Geschicht, eng Period vu Misär, Leed an Trauer ni vergiessen. Et war eng Period an där Lëtzebuerg opgehéiert huet als Land ze existéieren, d'Lëtzebuerger als Natioun awer bewisen hunn, datt sie trotz Occupatioun an Ënnerdréckung un d'Idealer vu Fräiheet, Demokratie a Selbstbestëmmung gegleeft hunn an duerfir och bis zur leschter Konsequenz agetratt sinn. Et war eng Zäit vun enormem Courage a grousser Solidaritéit an et war net einfach sech géint Totalitarismus an Onmënschlechkeet ze wieren. Vill, a besonnesch och vill Jonker, hu mat hirem Liewen oder hirer Gesondheet fir hiren Asaz bezuelt : als Resistenzler, als Zwangsrekrutéiert oder als Affer vun der Shoa.

E Land ouni Erënnerung ass e Land ouni Séil an eng Natioun ouni kollektiv Memoire eng Natioun ouni Zukunft. Dat kollektiivt Gediechtnes erlaabt et eis den Erausfuerderunge vun haut a vu muer mat klorem Bléck an Engagement ze begéinen. Wa mir haut un d'Leiden an de Courage vun all deene villen Affer vum Zweete Weltkrich denken, dann hu mir och eis haiteg Zäit an d'Schicksal vun deene Mënschen am Bléck, déi op anere Plazen op der Welt Affer gi vu Krich, Intoleranz an Extremismus.

Mir hunn eng Responsabilitéit ze hëllefen, esou wéi mer och eng Responsabilitéit hunn, eis géint all Forme vun Diskriminatioun, Gewalt an Extremismus ze wieren, doheem an an der Welt, dat ass déi Conclusioun, déi mir aus eiser Geschicht zéien a fir déi mir all zesummen astoe wëllen.

Xavier Bettel
Staatsminister

De Programm fir dës Commemoratioun am Dikrecher Kolléisch, dee vun 2 Aarbéchtsgruppen "Commémoration" an "Pédagogie et Sensibilisation", mat Hëllef vun der Direktioun, enger Rei Proffen a Schüler/innen aus dem LCD opgestallt gouw, fenkt u mam Lidd vum Jean Ferrat *Nuit et Brouillard*:

Nuit et Brouillard, *Nacht und Nebel* heescht och den Dokumentarfilm, deen 1955/6 ënnert der Regie vum Alain Resnais gedréit gouw. Den *Nacht-und-Nebel Erlass vum 7. Dezember 1941 war e geheimen Uerder (Richtlinien für die Verfolgung von Straftaten gegen das Reich oder die Besatzungsmacht in den besetzten Gebieten)* mat deem d'Nazien Leit, déi se der Resistenz oder Sabotage verdächtegt hunn ouni Urteel no Däitschland konnte verschleefen, wou se entweder direkt ëmbruecht gi sinn oder an d'KZer komm sinn.

Den Text vum Lidd beschreiwt de Leidenswee vun Dausenden Affer (Judden, politesch Deportéiert, Homosexueller, sougenannt "Asozialer", Sinti und Roma, Jehova Zeugen asw) déi vun den Nazien a Véiwaggone aus hire Länner an d'Konzentratiounslager an an d' Vernichtunsglager transportéiert gouwen. Eng ganz Rei vun hinnen hunn den Transport net iwwerliewt a ganz vill sinn an deene Lager ënnert schreckleche Conditioune gestuerwen. Dem Jean Ferrat säi Papp (dem J. Ferrat säi richtegen Numm ass Jean Tenenbaum) ass zu Auschwitz ëmbruecht ginn.

D'Lidd vun 1961 stellt awer eng Fro déi och haut nach hir Berechtigung huet:

On me dit à présent que ces mots n'ont plus cours
Qu'il vaut mieux ne chanter que des chansons d'amour
Que le sang sèche vite en entrant dans l'histoire
Et qu'il ne sert à rien de prendre une guitare
Mais qui donc est de taille à pouvoir m'arrêter ?
L'ombre s'est faite humaine, aujourd'hui c'est l'été
Je twisterais les mots s'il fallait les twister
Pour qu'un jour les enfants sachent qui vous étiez

A genau dorëm geet et! Wéi kënne mer op eng fondéiert, éierlech an iwwerzeegend Aart a Weis de Souvenir vun deem wat am Zweete Weltkrich geschitt ass, lieweg erhalen?

Dofir huet d'Regierung e Gesetz op den Instanzewee bruecht, d'*Loi portant création d'un Comité pour la Mémoire de la Deuxième mondiale*, dat vun der Chamber den 9. Juni 2016 gestëmmt gouf.

Et ass der Regierung un alleréischter Plaz drëm gaang, fir ze hëllefen, datt déi Evenementer vum Zweete Weltkrich nët sollten an de Vergiess geroden, ma awer och datt d'Resistenz, d'Zwangsrekrutéiert, d'Affer vun der Shoah a ganz allgemeng all Affer vun dësem schreckleche Krich sollten an engem gemeinsame Comité ganz aktiv an d'Commemoratioun agebonne ginn.

Mir hunn de Mueren an ergräifenden Zeremonien um Kanounenhiwwel, beim *Monument à la Mémoire des Victimes de la Shoah*, bei der Gëlle Fra a beim Hinzerter Kräiz an der Stad déi laang Traditioun vu Sech Erënnere fortgefouert.

Besonnesch wichteg ass et fir eis, datt een dës Problematik **mat** eise Jugendlechen thematiséiert. Mir soen "mat" - an net fir - well mer mengen, datt eis Jugend déi néideg Sensibilitéit a Kompetenz huet, fir sech an déi Zäit do eranzedenken an doduerch eis heiteg Zäit an der Erënnerung vum Zweete Weltkrich besser verstoe kann.

Dofir begréissen mer et, datt den Dikrecher Kolléisch, mat sénge Schüler-innen, senge Professeren an Direkteren spontan jo gesot huet, wéi se vum *Comité pour la Mémoire* gefrot goufen, dësen Nomëtteg mat der Regierung an der Dikrecher Gemeng z' organiséieren.

De Programm vu Lidder, virgedroë vu Schüler-innen vun der Section musicale vum LCD ënnert der Leedung vun de Professeren Isabelle Herold-Hardt a Christophe Nanquette a vun der Sopranistin Danièle Patz (begleet vun der Saxophonistin Nadine Kaufmann), mat Texter vum Myriam Hoffmann a Michèle Keup probéiert op eng eegen an originell Aart a Weis verschidden Aspekter vum Leiden aus där Zäit ze beliichten.

Fir de Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre Mondiale,

Josy Lorent, *Präsident*
Albert Hansen, *Vize-Präsident*
Laurent Moyse, *Vizepräsident*

Nuit et Brouillard

Jean Ferrat, 1963, auteur, compositeur, interprète

"Nuit et Brouillard", Nacht und Nebel heescht och den Dokumentarfilm, deen 1955/6 ënnert der Regie vum Alain Resnais, scénario vum Jean Cayrol a mat der Hëllef vum Historiker Henri Michel gedréit gouw. Den "Nacht-und-Nebel Erlass vum 7. Dezember 1941 war e geheimen Uerder (Richtlinien für die Verfolgung von Straftaten gegen das Reich oder die Besatzungsmacht in den besetzten Gebieten) mat deem d'Nazien Leit, déi se der Resistenz oder Sabotage verdächtegt hunn ouni Urteel no Däitschland konnte verschleefen, wou se entweder direkt ëmbruecht gi sinn oder an d'KZer komm sinn.

Den Text vum Lidd beschreiwt de Leidenswee vun Dausenden Affer (Judden, politesch Deportéiert, Homosexueller, sougenannt "Asozialer" Roma a Sinti, Jehova Zeugen, asw) déi vun den Nazien a Véiwaggone aus hire Länner an d'Konzentratiounslager an an d'Vernichtunsglager transportéiert gouwen. Eng ganz Rei vun hinnen hunn den Transport net iwwerliewt a ganz vill sinn an deene Lager ënnert schreckleche Conditioune gestuerwen.

Dem Jean Ferrat säi Papp (dem J. Ferrat säi richtegen Numm ass Jean Tenenbaum) ass zu Auschwitz ëmbruecht ginn.

Ils étaient vingt et cent, ils étaient des milliers
Nus et maigres, tremblants, dans ces wagons plombés
Qui déchiraient la nuit de leurs ongles battants
Ils étaient des milliers, ils étaient vingt et cent

Ils se croyaient des hommes, n'étaient plus que des nombres
Depuis longtemps leurs dés avaient été jetés
Dès que la main retombe il ne reste qu'une ombre
Ils ne devaient jamais plus revoir un été

La fuite monotone et sans hâte du temps
Survivre encore un jour, une heure, obstinément
Combien de tours de roues, d'arrêts et de départs
Qui n'en finissent pas de distiller l'espoir

Ils s'appelaient Jean-Pierre, Natacha ou Samuel
Certains priaient Jésus, Jéhovah ou Vichnou
D'autres ne priaient pas, mais qu'importe le ciel
Ils voulaient simplement ne plus vivre à genoux

Ils n'arrivaient pas tous à la fin du voyage
Ceux qui sont revenus peuvent-ils être heureux
Ils essaient d'oublier, étonnés qu'à leur âge
Les veines de leurs bras soient devenues si bleues

Les Allemands guettaient du haut des miradors
La lune se taisait comme vous vous taisiez
En regardant au loin, en regardant dehors
Votre chair était tendre à leurs chiens policiers

On me dit à présent que ces mots n'ont plus cours
Qu'il vaut mieux ne chanter que des chansons d'amour
Que le sang sèche vite en entrant dans l'histoire
Et qu'il ne sert à rien de prendre une guitare

Mais qui donc est de taille à pouvoir m'arrêter ?
L'ombre s'est faite humaine, aujourd'hui c'est l'été
Je twisterais les mots s'il fallait les twister
Pour qu'un jour les enfants sachent qui vous étiez

Vous étiez vingt et cent, vous étiez des milliers
Nus et maigres, tremblants, dans ces wagons plombés
Qui déchiriez la nuit de vos ongles battants
Vous étiez des milliers, vous étiez vingt et cent

Image montrant l'arrivée de nouvelles victimes à Auschwitz (Bundesarchiv der BRD; Bild 183-68431-0005)

Le Chant Des Partisans

Dëst Lidd gouw den Hymnus vun der franséischer Resistenz ënner der Nazi Occupatioun. D'Musek gouw 1941 vum Anna Marly, enger russescher Emigréiert a Frankräich komponéiert. De franséischen Text ass 1943 vum Joseph Kessel (och e russeschen Emigrant) a sengem Neveu, dem Maurice Druon geschriwwe ginn. Allebéid waren an de Forces françaises libres.

Ami, entends-tu le vol noir des corbeaux sur nos plaines ?
Ami, entends-tu les cris sourds du pays qu'on enchaîne ?
Ohé, partisans, ouvriers et paysans, c'est l'alarme.
Ce soir l'ennemi connaîtra le prix du sang et les larmes.

Montez de la mine, descendez des collines, camarades !
Sortez de la paille les fusils, la mitraille, les grenades.
Ohé, les tueurs à la balle et au couteau, tuez vite !
Ohé, saboteur, attention à ton fardeau : dynamite...

C'est nous qui brisons les barreaux des prisons pour nos frères.
La haine à nos trousses et la faim qui nous pousse, la misère.
Il y a des pays où les gens au creux des lits font des rêves.
Ici, nous, vois-tu, nous on marche et nous on tue, nous on crève...

Ici chacun sait ce qu'il veut, ce qu'il fait quand il passe.
Ami, si tu tombes un ami sort de l'ombre à ta place.
Demain du sang noir sèchera au grand soleil sur les routes.
Chantez, compagnons, dans la nuit la Liberté nous écoute...

Ami, entends-tu ces cris sourds du pays qu'on enchaîne ?
Ami, entends-tu le vol noir des corbeaux sur nos plaines ?
Oh oh oh oh oh oh oh oh oh oh oh oh oh oh oh oh...

7.5. 45

186 Stairs despair

Hoffmann Myriam, LCD

Gedicht 2017 geschriwwen beim Besuch am fréiere KZ Mauthausen vun där berüchtegter Todesstiege wou Dausende vu Prisonnéier vun den Nazien an hiren Helfershelfer brutal ermuert gouwwen.

Going up, seemingly endlessly
Before you there are stairs
Behind you there are also stairs
Up and up you go ceaselessly

Stone after stone
Step after step
Don't miss a step
Or you might break a bone

Day in day out
The stairs follow you in your dreams
With your dying friends' screams
Until your light goes out

Cackling figures on the side
Randomly striking in to the crowd
Not one thing to worry about
On the soldiers' side

Merely a number, nameless
That's all you are on the 186 steps
What was once yours is now theirs
Yet they think they're blameless

Lives reduced to a number
Worth less than animals
Even worth less than a piece of furniture
Who gets to decide that?
Who has the right to do that?
And how do you justify that right?

Starving, working to death
Punished because they were born to the wrong parents
Punished because they believe in "wrong" God
Dying because of their skin color

From the past to today, the world hasn't changed enough
Humanity still struggles to let go of hate
Hate against characteristics peoiple are born with

Names upon names
Belonging to people long dead, maybe forgotten
Countless individual fates
Fathers, mothers, brothers, sisters, friends
All lost, all dead
Why? Why? And how?

Mauthausen 2017 Warum?

Michèle Keup, LCD

Warum hat man das zugelassen?
Die Situation war unmenschlich
Man hätte früher etwas müssen machen
Die Zeit war brenzlich

Tod, warum?
Um die Welt herum
Zu viele mussten gehen
Man wird es nicht verstehen

Angst, Wut
Sehr viel Blut
Tränen fliessen, in einer schrecklichen Zeit
Voller Leid

Vergiss es nicht!
Die Wunden die man sieht sind geheilt,
aber die Inneren werden es nicht
egal wie man verweilt

Familien wurden auseinandergerissen
Und die Angehörige werden jeden vermissen
Keiner war bereit
Für die schlimme Zeit

O Deutschland, bleiche Mutter!

Wie haben deine Söhne dich zugerichtet

Daß du unter den Völkern sitzest

Ein Gespött oder eine Furcht!

Bertolt Brecht 1933

Un eis Jongen “1940 - 45”

Text a Musek: René Schmit (1919 - 1989)

D’Uropféierung duerch déi vereenegt Kierchechéier vu Waldbriedemes an Trënténg ënnert der Leedung vum Jean Jung war den 28. September 1975 bei Geleeënheet vun der Aweiung vun de Monuments aux Morts am Trëntengerdall an zu Waldbriedemes.

Et ass e patriotesch weltlecht Lidd mat dräi Strophen a gehéiert vum Genre hier an d’Kategorie nodenklech, meditativ an traureg;

Vun den Zwangsrekrutéierte gëtt dëst Lidd als eng Zort Nationalhymn ugesinn.

1. Vun dohém huet dir misst goen,
wou dir glécklech wart a fro’
weit an d’Welt wor dir verschloen
an huet font keng richteg Ro’.
Jo we’ dachs huet dir misst denken
und di kleng le’f Hémecht zréck
de’ éch net me’ Fréd kont schenken
an Zefriddenhét a Gléck

Refrain:
Le’wen Herrgott, schenk de Jongen
d’e’weg Ro’ an Himmelsfréd.
Well si wôren all gezwongen,
an enger Zeit vu Kreiz a Léd

2. Ass och munech Stonn vergângen,
voll vun Trauer a vu Léd,
so’tzt dir hémlech do ze bângen
wor dir op den Do’t berét.
Dann op émol ko’m d’Verlângren
no dém sche’nen Hémechtsland
an et huet dun én nom ânren
gin, am Gäscht, éch d’Bro’derhand

3. Fir eischt Land séit dir gestuerwen,
vill ze fre’ an o’ni Schold.
Leit a friemer Erd begruewen
so’ we’ d’Fügung et huet wollt.
Härzlech merci mir éch soen
fir all gutts wât dir gedôn
äre Wonsch am Härz mir droen
“Lëtzebuerg därf nie vergon”.

VERORDNUNG

MERCI
DE FAMILLEN, DÉI EIS REFRAKTÄREN
EENER LIEWENSGEFAHR VERSTOPPT HEIN
MERCI
DE RESISTENZLER, DÉI FIR D'JONGE
GESTREET A GESCHAFFT HUN, DÉI
FIR SI AN D' KONZENTRATIÉUNSLAGER
AN AN DEN DOUD GAANDE SÉIN
MÉDAILLE
DE LA
RECONNAISSANCE
NATIONALE
ONZ JONGE
SOE
MERCI
XIV
MERCI
DE PASSEUREN DÉI SI AN ENG STOPP
AN ÄNER SI GRENZ GEFOLGT HUN
MERCI
DEN ALLIÉIERTEN DÉI SONNEN
D' FRIEDEST BRÉNGEN HEIN
MERCI
ALLE LÉTZEBUERGER DÉI FIR IS
GEBAANGT A GEBET HUN

3
via Lelzeburg

I never saw another butterfly

„I never saw another butterfly“ ass eng ganz Sammlung vu Gedichter a virun allem och Biller vu Kanner, déi am Ghetto Theresienstadt waren an dono zu Ausschwitz ëmbruecht goufen. Déi Sammlung gouf zesummegedron vun der tcheschicher Kuratorin Hana Volavkovà.

Déi Kompositioun, déi d'Madame Danièle Patz, Soprano a Begleedung vum Nadine Kaufmann, Saxophon séngt, ass vun der amerikanischer Komponistin Lori Laitman. Si huet 6 Gedichter aus där Sammlung „I never saw another butterfly“ vertount.

D'Lori Laitman ass Joergang 1951.

The Butterfly

4.6. 1942 Text by Pavel Friedman

The last, the very last,
So richly, brightly, dazzlingly yellow.
Perhaps if the sun's tears would sing
against a white stone....
Such, such a yellow
Is carried lightly 'way up high.
It went away I'm sure
because it wished
to kiss the world good-bye.
For seven weeks I've lived in here,
Penned up inside this ghetto.
But I have found my people here.
The dandelions call to me
And the white chestnut branches in the court.
Only I never saw another butterfly.
That butterfly was the last one.
Butterflies don't live in here,
in the ghetto.

Yes, That's the Way Things Are

Text by KOLEBA (Miroslav Košek, Hanuš Löwy, Bachner)

I.
In Terezin in the so-called park
A queer old granddad sits
Somewhere there in the so-called park.
He wears a beard down to his lap
And on his head, a little cap.

II.
Hard crusts he crumbles in his gums.
He's only got one single tooth,
My poor old man with working gums.
Instead of soft rolls, lentil soup.
My poor old graybeard!

The Garden

Text by Franta Bass

The little garden,
Fragrant and full of roses.
The path is narrow
And a little boy walks along it.
A little boy, a sweet boy,
Like that growing blossom.
When the blossom comes to bloom
The little boy will be no more.

Man Proposes, God Disposes

Text by KOLEBA (Miroslav Košek, Hanuš Löwy, Bachner)

I.
Who was helpless back in Prague,
And who was rich before,
He's a poor soul here in Terezin,
His body's bruised and sore
II.
Who was toughened up before,
He'll survive these days.
But who was used to servants
Will sink into his grave.

The Old House

Text by Franta Brass

Deserted here, the old house
stands in silence, asleep.
The old house used to be so nice,
before, standing there,
it was so nice.
Now it is deserted,
rotting in silence --
What a waste of houses,
a waste of hours

Permission to use these 5 poems from the collection of the Jewish Museum in Prague has been granted for the October 7th, 2018 performance at LCD, Diekirch by Eduard Feuereis from the Jewish Museum in Prague on September 17th, 2018



« Sachez que vos pères ne cherchent pas à tirer de ce devoir qu'ils ont accompli de grand coeur, ni vaine gloire, ni triomphe, ni honneur. Sachez que la souffrance leur a tout simplement, mieux qu'à beaucoup d'autres, ouvert un peu plus les yeux sur les défauts et les qualités des hommes et si parfois leur regard vous semble lointain, c'est qu'ils revoient des choses qu'ils ne veulent pas que vous voyiez, jamais, ni vous, ni les vôtres, ni ceux qui vous succéderont, ni les peuples qui vous entourent.

Sachez que la souffrance a engendré la compréhension, que la haine a engendré la bonté. Ils veulent tout modestement être un témoignage de ce qu'il ne faut plus connaître dans un monde qui peut être si beau. Songez-y, jeunes du Luxembourg, qui lirez ce livre. Songez aussi que l'importance d'un pays et sa valeur ne se mesure pas au mètre carré de surface au sol, à la densité de telle ou telle population, à la puissance de telle industrie, surtout pas à la gloire de tel ou tel homme, mais à la tenue de tous ses enfants dans l'adversité.»

Bob Sheppard

MERCIS
an
IMPRESSUM brochure LCD

E grousse MERCI geet un:

(1) **de Bureau vum Comité de la Mémoire pour la Deuxième Guerre mondiale**, Albert Hansen, Laurent Moyse a Josy Lorent an de Chef vum Service Mémoire, Jean-Claude Muller.

an un di 2 **Aarbechtsgruppen Commémoration** a ***Pédagogie et Sensibilisation*:** Bausch Julie-Suzanne, Bley Pierre, Cahen Serge, Dabé Monique, Diederich Fernand, Dockendorf Guy, Gaasch-Trauffler Josée, Joseph Julien, Lommel Arlette, Pletsch André, Thill Nico, Wolf Claude

(2) **den Direkter Marcel Kramer an d'Directrice adjointe Julie-Suzanne Bausch, an un d'Professeren an d'Schüler-innen vum Dikrecher Kolléisch:**

2.1 **d'Chorale vun der section F vum Dikrecher Kolléisch:**

Dorneanu Ruben 1F ; Mujzer Daniel 1F ; Scherer Anna 1F ; Wirth Renée 1F ; Gautier Cynthia 2F ; Michels Katrin 2F ; Papillon Tom 2F ; Rosselet Tamara 2F ; Walisch Liss 2F ; Cirelli Marco 3F ; Friedrich Bob 3F ; Jäger Emma 3F ; Kauffmann Lex 3F ; Krotilova Lucie 3F ; Mohnen Mik 3F ; Schmalen Stéphane 3F ; Théato Lena 3F

- de Ruben Dornenanu liest och d'Texter vum Myriam Hoffmann a Michèle Keup

ënnert der musikalescher Leedung vun de Professeren Hardt Isabelle a Nanquette Christophe

2.2. d'Section artistique 1E0, ancienne 2E vum Dikrecher Koléisch fir d'Ausstellung mat Photoen an Zeechnungen:

Bourgeois Louise ; Cigrang Liz ; Correia Sophia ; Dams Yana ; Dauphin Emily ; Fernandes Noémie; Georges Aurélie; Gilson Laura ; Gloden Célia ; Haagen Joana ; Heuts Ruth ; Noben Mona ; Pilici Irena ; Pütz Lisa ; Ribeiro Gonçalves Joy ; Salomon Xavier ; Schmit Laura ; Weber Laura

ënnert der Leedung vun de Professeren Fabienne Gutenkauf a Fernand Steffen

2.3. **d'Sopranistin Danièle Patz an d' Saxophonistin Nadine Kaufmann**

2.4.

- **de Professer Arthur Bour fir de layout vun der Brochure**
- **d'Madame Lynn Mainz vum Secretariat LCD**
- **d'Imprimerie Centrale, Lëtzebuerg**

Coordinatioun: Guy Dockendorf

BILLER ©

- **Bild Waggon** (no dem Lidd Nuit et Brouillard): Image montrant l'arrivée de nouvelles victimes à Auschwitz (Bundesarchiv der BRD; Bild 183-68431-0005)

- 2 Biller no Le Chant des partisans:

• de fréiere KZler Edmond Goergen, deen 2 Deeg no de Liberatioun vum KZ Mauthausen Zeechnunge mécht vun den Affer. Op dem 1. Foto gesäit een hien (matricule 88887) an den Emil Dirhold (matricule 2809) (Onbekannte Photograph, pos. USHMM (United States Holocaust Memorial Museum)

• um 2. Bild ass dem Edmond Goergen seng Zeechnung vum Kapp vun der doudeger Fra ze gesinn (publizéiert am Buch : Geôles Sanglantes, dessins : Edmond Goergen ; textes : Christian Calmes, préface de Pierre Frieden. Luxembourg 1948. Edition Letzebuerger Bicherfrenn

- **Todesstiege** : Häftlinge beim Transport von Steinen über die "Todesstiege", SS-Foto, zwischen 1942 und 1944 (Foto : KZ-Gedenkstätte Mauthausen / Sammlungen)

- **Denkmal un d'Affer aus dem KZ Mauthausen vun der fréierer DDR** mat engem Text vum Berthold Brecht, 1933:

O Deutschland bleiche Mutter
Wie haben deine Söhne dich zugerichtet
Dass Du unter den Völkern sitzest
ein Gespött oder eine Furcht

Photoe fir bei d'Lidd vun den Enrôlés de force

• Arrivée Krankentransport Enrôlés de force den 8. Oktober 1945 aus Tambow (Photo: Collection Enrôlés de Force)

• all Fotoë vum Kräizwee vun Ons Jongen zu Dikrech laanscht d'Sauer: Guy Dockendorf

Photo Lokomotiv *Via Letzebuerg*:

Lëtzebuerger politesch Prisonnéier no der Liberatioun vum KZ Ebensee, Éisterräich (6. Mee 1945), onbekannte Photograph,. Vun hinnen liewt nach just de Jengi Majerus (1. Rei, lénks), Collectioun : Amicale vu Mauthausen

Auschwitz Zyklus:

Zeechnunge vu Kanner aus dem Zyklus Auschwitz, publizéiert am Buch I never saw another butterfly, éditéiert vum Hana Volavkovà, USHMM (United States Holocaust Memorial Museum), ISBN 978-0-8052-1015-6